# Fir d’Ofschafe vun der TVA op Grondbedierfnesartikelen

*Pressematdeelung vum 4. Abrëll 2023*

D’ADRenalin stellt fest, datt duerch schlecht politesch Entscheedungen eng importéiert ekonomesch Inflatioun zu Lëtzebuerg stattfënnt. Notamment duerch d’Erhéijung vun importéierten Mëttelen, déi eis ëmmer méi zu enger Ofhängegkeet vun anere Länner dréift. D'ADRenalin stellt och fest, datt d’Liewensmëttelkäschten zu Lëtzebuerg déi héchst bannent der EU sinn.

D’Liewensmëttel si ronn 12 Prozent méi deier ginn, wat ënner anerem aus enger massiver Präissteigerung beim Dünger zeréckzeféieren ass. Fir eng adequat Produktioun feelt et massiv un Äerdgas. Weider gëtt de Probleem awer och duerch eng ideologesch-verbuert Landwirtschaftspolitik verschäerft, déi d’Bauere mat ëmmer méi sougenannten Ëmweltoplagen dierängelt a schlussendlech an hirer eigentlecher Aarbecht blockéiert. Déi vun der EU veruerdent “CO2-Zoller” (carbon border adjust mechanism) sinn e weidert Beispill fir déi politesch bedéngt Reduktioun vun der allgemenger Kafkraaft. Uebst a Geméis awer och Hygienprodukter, si vun der Inflatioun staark betraff. Dozou kënnt, datt ëmmerhin 20 Prozent vun de Lëtzebuerger Awunner un oder ënnert der Aarmutsgrenz liewen.

Dowéinst fuerdert d’ADRenalin datt elo direkt gehandelt gëtt - fir de Leit, déi e modest Liewen féieren, ënnert d'Äerm ze gräifen a si virun enger existenzieller Kris ze schützen.

D’ADRenalin fuerdert:

- datt d'Regierung eng Analys zu de Grondbedierfnesartikelen mëscht, an dann déi 100 éischt wichtegst Grondbedierfnesartikelen zousätzlech definéiert.
- no der Analyse, d’Ofschafe vun der TVA (vun 3% op 0%) op dës 100 éischt wichtegst Grondbedierfnissartikel ëmgesat gëtt.